syndicat national des enseignants

association des institutrices
et instituteurs
de l'éducation préscolaire - cycle 1

# Accord Cycle 1 :

**Accord entre**

**le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE),**

**l'Association des institutrices et instituteurs de l'éducation préscolaire - cycle 1 (AIP)**

**et le Syndicat national des enseignants (SNE/CGFP)**

**au sujet des lignes directrices de la politique éducative concernant le cycle 1 .**

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Am Accord tëschent dem MENJE an dem SNE/CGFP vum Februar 2016 ass festgehale ginn, datt d'AIP an den SNE/CGFP zesumme mam MENJE géifen eng Léisung sichen, fir d'Tâche vun den Enseignanten aus dem Cycle 1 esou unzepassen, dass d'Stonne vun hirem «Appui pédagogique» an der regulärer Tâche kéinte geleescht ginn.

Mat dem Accord vum 8. November 2016 ass et elo an deem Punkt zu enger Eenegung tëschent dem Ministère an den zwou Gewerkschaften komm.

Nieft dësem wichtege Punkt kënnt de MENJE an dësem Accord awer och nach enger ganzer Rei Fuerderungen no, déi d'AIP an de SNE/CGFP an hire respektive «Cahier de charges» gestallt hunn.

Hei ënnendrënner wëlle mer iech een Iwwerbléck iwwert déi eenzel Punkten am Accord fir de Cycle 1 vum «Enseignement fondamental» ginn.

## 1. Prise en compte de l’éducation précoce dans le plan d’études

D’AIP an den SNE/CGFP hunn ëmmer ënnerstrach, datt d’ «Éducation précoce» ee wichtegen Deel vum Enseignement fondamental ass.

Dat soll sech och am «Plan d’études» erëmspigelen. Dofir leet dësen Accord fest, datt d’«Éducation précoce» vum Schouljoer 2017/2018 un, eng eegestänneg Plaz am «Plan d’études» zougestane kritt.

## 2. Bilans

De «Bilan intermédiaire» am C1 ass ee vun de Basisdokumenter fir mat den Elteren iwwert d’Kand ze schwätzen.

De «Bilan intermédiaire» vum C1 gëtt inhaltlech net ëmgeännert, mee am Accord ass festgehalen, datt d‘Bilanen am C1 een neie «Look» kréien, deen deenen aus dem C2-C4 ugepasst ass.

## 3. Au sujet des langues

Fir d’AIP an den SNE/CGFP war et ëmmer kloer, datt am C1 dem multilinguale Kontext an eise Schoule Rechnung gedroe gi muss.

Gläichzäiteg hunn d’AIP an den SNE/CGFP ëmmer erëm drop higewisen, datt d’Lëtzebuergesch am Cycle 1 eng ganz wichteg Roll huet. D’Lëtzebuerger Sprooch ass d’Sprooch vun der Kommunikatioun an der Integratioun vun all de Kanner. Duerch dësen Accord ass d'Wichtegkeet vum Lëtzebuergeschen am C1 séchergestallt.

Déi politesch Responsabel hunn d’Decisioun geholl, datt et zu enger Initiatioun vum Franséischen am C1 kënnt. Op dëser Plaz wëlle mer nach eemol kloer stellen, datt de MENJE déi Entscheedung schonn am Virfeld vun de Verhandlunge getraff hat. D’AIP an den SNE/CGFP waren net Demandeur fir dës politesch Optioun.

Mir hunn awer vum MENJE verséchert kritt, datt dës Initiatioun op eng spilleresch a kontextbezunnen Aart a Weis stattfanne soll. Dofir ware mir dann och bereet dës Mesure mat z’ënnerschreiwen. Nëmmen esou kënne mir beim Ëmsetze vun dëser Approche no eise Virstellunge matwierken. Et erméiglecht eis an Zukunft ons Iddie kënnen aktiv mat eranzebréngen an ze verhënneren dass et zu isoléierten, dorënner versti mir "verschouleschten" Übungsaktivitéite kënnt.

Eis ass et e grousst Uleies, datt des Initiatioun op eng spilleresch Manéier statt fënnt, esou wéi dat och bis elo am Kader vum “éveil aux langues” um Terrain de Fall war.

Dës Initiatioun soll och op kee Fall negativ Auswierkungen op d'Entwécklung an den Apprentissage vun der Lëtzebuerger Sprooch hunn. Wéi am Accord schrëftlech festgehalen, bleift d'Lëtzebuergesch déi dominant Sprooch am Cycle 1, dofir wäerte mir eis och an Zukunft asëtzen.

## 4. La tâche des institutrices et instituteurs du cycle 1

Zënter enger Rei vu Jore verlaangen d’AIP an den SNE/CGFP, datt d‘Enseignanten aus dem C1 d’Méiglechkeet kréien, fir hiren « Appui pédagogique » an der regulärer Schoulzäit ze halen.

Mat dësem Accord sollen d‘Enseignanten aus dem C1 elo 36 Stonnen «Appui pédagogique»

halen an dann déi restlech 18 Stonnen an den «Équipes pédagogiques» a Form vu Concertatioune fir eng plurilingual Educatioun vun de Kanner notzen.

Fir awer de lokale Besoinen a Contrainten och weiderhin entgéint ze kommen, léisst dësen Accord de Schoulen eng gewësse Flexibilitéit. Esou bleift et och nach ëmmer méiglech, den « Appui pédagogique » am C1 ze hale wéi dat bis elo de Fall war.

## 5. L'horaire du cycle 1

Am Kader vum Horaire fir de Cycle 1, deen an der Schoulorganisatioun vun de Gemengenautoritéite festgeluecht ginn ass, huet de Cycle 1 am Moment nach eng gewësse Flexibilitéit wat d'Ëmsetze vun deem Stonneplang ugeet

Dës Flexibilitéit vum Stonneplang erméiglecht et dem Léierpersonal zu all Moment, souwuel op de Kanner hir Besoine wéi och op de jeeweilege lokale Kontext anzegoen.

Fir d'AIP an den SNE/CGFP ass d'Bäibehale vu genee dëser Flexibilitéit ee wichtege Punkt am Accord.

Dobäi kënnt nach, datt dësen Accord awer och festhält, dass de Rhythmus vun de Kanner an der Éducation précoce respektéiert gëtt. Sou bleift fir d'Kanner vun 3 Joer d'Méiglechkeet bestoen, fir tëscht 8 an 9 Auer an d'Schoul ze kommen.

## 6. Aide et assistance

D'Zuel vun de Kanner mat Léierschwieregkeeten an/oder Verhalensopfällegkeeten huet an de leschte Joren an eise Schoulen zougeholl. Den Accompagnement vun den élèves à besoins spécifiques muss och am C1 geleescht ginn.

Fir den Titulaire de classe am C1 gëtt et ëmmer méi kompliziéiert sech deene villen Erausfuerderunge vum Schoulalldag ze stellen an adequat op déi individuell Besoine vun all de Kanner anzegoen.

D'AIP an den SNE/CGFP fuerdere scho laang, dass déi Betreiung esou kompetent wéi méiglech stattfanne soll a méi effizient an d'Schoul bei deene betraffene Kanner ukënnt.

Dofir ass an dësem Accord festgehalen, datt déi zukünfteg « Instituteurs spécialiés pour élèves à besoins spécifiques » esouwuel am C1 wéi och an deenen anere Cyclen intervenéieren.

Fir dëst Zil ze erreechen, ass et och essentiell d'Personal an den EMP ze verstäerken a méi Spezialisten anzestellen.

D'AIP an den SNE/CGFP weisen och scho länger drop hin, dass ëmmer méi Kanner an de Beräicher Sprooch a Motorik gewëssen Defiziter hunn.

Dofir wär et vu grousser Wichtegkeet, dass de « Bilan 30 » géif obligatoresch ginn, fir esou scho virun der Scolarisatioun vun de Kanner, éischt Defiziter ze erkennen an déi éischt Mesuren ze huelen.

## 7. Collaboration entre l'école fondamentale et les maisons relais

Déi zwou Gewerkschaften an de Ministère si sech eens, datt souwuel déi formell wéi och déi non-formell Educatioun de Kanner déi bescht méiglech Entwécklung erméiglече soll.

Den Accord weist op d'Wichtegkeet vun enger Kooperatioun tëschent dem Cycle 1 an der «Maisons relais» hinn ouni datt et awer zu enger Vermëschung oder enger Fusioun vun deenen zwou Strukture kommen däerf. Dofir gëtt am Accord och ervirgehuewen, datt de Cycle 1 an d' «Maisons relaisen» no zwee verschiddene pädagogesche Konzepter funktionéieren.

Am Sënn vun enger méi rationaler Notzung vun den Infrastrukturen, hält dësen Accord weider fest, datt verschidde Raim aus der Schoul a verschidde Raim aus der «Maison relais» souwuel vun dem enge wéi och dem anere Partner kënne benotzt ginn.

Wichteg fir d'AIP an den SNE/CGFP ass awer bei dësem Punkt och, dass et net zu enger raimlecher Verschmëlzung vun deenen zwou Strukture kënnt. Dësen Accord stellt kloer, dass d'Klassesäll erhale bleiwen.

**No intensive Verhandlunge mam MENJE hunn d'AIP an den SNE/CGFP een Accord ënnerschriwwen an deem ganz vill Fuerderungen aus hire respektive Cahiers des charges fir de cycle 1 vum Enseignement fondamental erfëllt konnte ginn.**

**Mat dësem Accord hunn d'AIP an den SNE/CGFP zesumme Verantwortung fir de Cycle 1 vum «Enseignement fondamental» iwwerholl, am Interêt vun de Kanner, den Enseignanten, der Schoul an eisem Beruff.**

**Mat syndikalistesche Gréiss,**

**Yola Hild,**
**Présidente de l'AIP**

**Patrick Remakel**
**Président du SNE/CGFP**